ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Mamer, den 2. Juni 2021

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Ëmweltminister weiderzeleeden.

An engem rezenten Artikel aus der Zeitung "De Lëtzebuerger Bauer" gouf sech driwwer beschwéiert, datt op enger Pressekonferenz vum "Observatoire de l'environnement" den Image vum Bauer ugegraff gouf am Hibléck op d'Diskussioun ëm den Aartenschwund. D'Vertrieder vun der Landwirtschaft waren iwwerdeems net op déi Pressekonferenz agelueden a konnten domat och net op déi virgebruechte Kritik reagéieren. De President vum "Observatoire de l'environnement" ass iwwerdeems Deputéierten an och Vizepresident vun der Agrarkommissioun – e Punkt, deen am genannten Artikel iwwerdeems kritiséiert gouf am Hibléck op e méiglechen Interessekonflikt.

Grond fir den Aartenschwund ass ë.a. och d'Bebauung vu Gréngflächen. An deem Kontext, esou "De Lëtzebuerger Bauer", wär am leschten Nohaltegkeetspabeier och d'Iddi vun enger Uewergrenz fir d'Versigele vum Buedem ugefouert ginn. Am aktuellen Nohaltegkeetspabeier géif doriwwer awer näischt méi drastoen. Dem "Lëtzebuerger Bauer" no besteet d'Gefor, datt d'Vertrieder vun der Landwirtschaft de schwaarze Péiter zougeschoustert kréien, ouni datt op déi eigentlech Ursaachen agaange géif, déi iwwerdeems regierungspolitesch mat beaflosst géife ginn.

An deem Kontext hätt ech folgend Froen un d'Regierung:

1. Ass d'Analys, datt d'Baueren eng vun den Ursaache vum Aartenschwund sinn, an den Ae vun der Regierung net ze eesäiteg? Wéi ass hei d'Positioun vun der Regierung?
2. Wéi ass et an den Ae vun der Regierung ze veräntwerten, datt bei der Diskussioun ëm den Aartenschwund d'Haaptacteuren, ewéi d'Baueren, déi Dag fir Dag op deem Terrain schaffen, net matabezu goufen?
3. Wéi ass et an den Ae vun der Regierung ze veräntwerten, datt iwwert eng Regierungsorganisatioun e negativen Image vum Bauer mat opgebaut gëtt, ouni datt op déi séllegen aner Ursaachen, ewéi z.B. déi wuessend Zoubetonéierung vum Land, agaange gëtt?

4. Besteet an den Ae vun der Regierung net och en Interessekonflikt, wann de President vum "Observatoire de l'environnement" zugläich och Deputéierten a Vize-President vun der Agrarkommissioun ass? Gesäit d'Regierung hei keng Gefor, datt parteipolitesch Interessie beim Ausübe vum Amt vum President vum "Observatoire de l'environnement" matspillen?
5. Gedenkt d'Regierung an Zukunft, Vertrieder aus dem landwirtschaftleche Beräich, notamment och Baueren, verstäerkt an d'Aktivitéiten an Analyse vum "Observatoire de l'environnement" matanzebezéien?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup
Deputéierten